Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2025.68032.SECR

Péiteng, den 12 .September 2025

Betreff: Är Froe vum 12. August 2025
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Yves SCHILTZ - Tel.: 50 12 51 - 3011)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 24. Juli 2025, deen der Gemengeverwaltung den 12. August 2025 per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Um Rodanger Kierfecht gouf an der rezenter Vergaangenheet eng Baufirma engagéiert fir eng Montenanceaarbecht/Reparaturaarbecht un enger Gemengeninfrastruktur ze realiséieren.

Eis Gemeng verfüügt iwwert eng ganz Rei vu Kompetenzen an de verschiddensten Handwierksberuffer, déi an eenzel Servicer agedeelt si.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

1. Wéi oft sinn an de lëschte 5 Joer Privatfirmen engagéiert gi, fir verschiddenst Maintenanceaarbechten/ Reparaturaarbechten u Gemengeninfrastrukturen ze realiséieren?

2. Wéi héisch waren Depense an de leschte 5 Joer bezüglech de Maintenanceaarbechten/Reparaturaarbechten déi vu private Baufirme realiséiert goufen?

3. Firwat konnten déi opgelëschte Maintenanceaarbechten/Reparaturaarbechten (betreffend Fro 1) net vun eise Gemengeservicer realiséiert gi?

4. Wéi eng Baufirme kruten d'Optreech an de leschte 5 Joren fir déi verschiddenst Maintenanceaarbechten/ Reparaturaarbechten?

Mat Respekt,

Chris Bernard
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Här Bernard,

Fir e bessert Versteesdemech wëlle mär als éischt op Är 3. Fro äntweren:

Et gëtt e puer Haaptgrënn, firwat Gemengen dacks op privat Firmen zeréckgräifen (mussen), wa se Ënnerhalts- oder Maintenance-Aarbechte maache loossen. D'Haaptgrënn dofir si Spezialisatioun, Sécherheetsnormen, Käschteflexibilitéit an d'Notze vu spezialiséierter Ausrüstung.

- Punktuelle Personalmangel a Spezialisatioun – Gemengen hunn nëmme kleng technesch Ekippen an et feelt dacks um spezifesch néidege Know-How oder um Material an/oder Ausrüstung.
- Käschteflexibilitéit – Outsourcing ass méi ekonomesch, wann d'Aarbecht nëmme sporadesch gebraucht gëtt.
- Gesetzlech a Sécherheetsufuerderungen – vill Maintenance-Aarbechte musse vun zertifizéierten Entreprisen, respektiv Personal, gemaach ginn.
- Effizienz a schnell Disponibilitéit – Privatfirme kënnen oft méi séier reagéieren, an hunn déi richteg Leit mat der néideger Qualifikatioun an/oder Material direkt bei Hand.
- Investitiouns- a Materialfroen – schwéier oder selte genotzte Maschinnen an/oder Materialien si fir eng Gemeng net rentabel ze kafen an/oder ze lageren.
- Kontroll a Qualitéit – mat Kontrakter kënnen d'Leeschtunge genau definéiert a kontrolléiert ginn.

Betreffend Är Froen 1 an 2, weise mär drop hin dat am ordinäre Budget eng 100 Budgetartikele stinn déi dës Ausgabe kënnen ofdecken, mat järleche Kreditter vun iwwert 3,6 Milliounen Euro. Dës Artikelen erkennt een um Code comptable 612200 (Entretien et réparations) an 612300 (Contrats de maintenance).

Eis Gemengeservicer missten also iwwert 500 Budgetsartiklen (100 pro Joer) mat e puer dausend Rechnungen duerchkucken fir kënnen op Är 1. Fro ze äntwerten, an dann spezifesch, fir op Är 2. Fro ze äntweren, d'Rechnunge vu Baufirmen rausfilteren.

Sinn des opwänneg a ganz zäitintensiv Aarbechte gemaach, wär et dann och méiglech fir Är 4. Fro ze beäntweren, woubäi no engem éischten iwwerflächleche Screening d'Rechnunge vun iwwert 140 verschidde Firmen misste gekuckt ginn.

Ofschléissend wëlle mär drop hiweisen dat, och wann eng Gemeng Personal mat gewësse Qualifikatiounen astellt, respektiv muss astellen, kann an däerf eng Gemeng eng Rei Aarbechte net maachen, well dëst zu enger substanzieller ekonomescher Perte fir vill kleng a Mëttelbetriber géif féieren.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925 N° fiscal: 00005132118